

WM U20 Inniscarra Irland 3.Trainingsdaag

Haut war deen drëtten Trainingsdag an mir souzen an der Box N°3. D' portugisesch Équipe war lenks vun eis an d' Englänner haten d' Box 5. Um 10⁰⁰ Auer ass et lass gaangen. Direkt goufen Fësch gefaangen, haaptsächlech Routaen. Den Tempo fir se méi séier ze fänken ass haut trainéiert ginn nodeem d' Fëscher mat hirem Trainer gëschter Owend eng Team Besprechung haten. Nodeem déi éischt Stonn erëm war, ass den Rhythmus an d' Luut gaangen. Den Marc huet eng hallef Stonn éischter opgehale fir op der Match Staang en puer Saachen ze probéieren. No 4 Stonnen waren et folgend Resultater: Den Olli hat 6.030 gr. den Néckel hat 2.300 gr. (huet awer och 2 Stonnen mat der Match Staang trainéiert) den Marc hat 5.330 gr. no 3 ½ Stonn an den Chris hat 9.000gr nëmmen Routaen.



Den Owend ass zu Coachford d' Ouverture. Muer gin mir an den offiziellen Training deen vun 10⁰⁰ bis 14⁰⁰ Auer ass.

D' haapt Thema hei um Inniscarralake ass an bleift awer, wéi dat soll hei den Samschden an Sonnden fir d' WM oflafen. Ech hat haut mat franséischen Traineren op der Streck mech ënnerhalen, déi hunn nach näischt esou gesinn.

Den Accès an den Wee fir op d' Streck ze kommen ass net fir eng WM ewéi dës gëeegent.

Fir d' Boxen 1 bis 3, sinn 2 Parkplazen fir dräi Mannschaften (6 Gefierer) do (daatselwescht op 5 aneren Plazen. Wann een auspéckt, dann steet den ganzen Trafic op der ganzer Streck!!!!!!!!!!!!!! Fir dän Material an d' Box ze schleefen, leeft een mam Geschier 50 bis 100 Meter um Wee an dann klëmmt een duerch en Passage vun 50 cm (Hecken), dann trëlls te iwwer Steng an dann leefs te erëm 50 bis 100 Meter duerch deenen aneren Natiounen hir Boxen fir an deng ze kommen!!!!!!!!!!!!!!

Owes weess een wat een gemeet huet. Dobäi muss een awer och fairerweis soen, dass een, wann een emol am gaangen ass, et landschaftlech an au point de vue Fësch an



d'fëschchen am groussen ganzen een fir en Deel vum Opwand belount gëtt.

En schéinen Grouss op Lëtzebuerg vum Trainer an sengem Team.